

WAT ASS D'PHAS 2 VUM DECONFINEMENT?

No der éischter Phas, an där am Wesentlechen de Bausecteur relancéiert gouf, proposéiert d'Phas 2 vum Deconfinement **ab dem 11. Mee nei Moosname fir lues a lues aus dem Confinement erauszekommen. Och an dëser Phas gëllt et, di sanitär Mesuren an d'Gestes barrières strikt anzehalen.**

Sou sinn déi folgend Aktivitéiten erëm erlaabt:

#BleiftDoheem

De Confinement (#BleiftDoheem) **ass keng legal Obligatioun méi,** mee bleift weiderhi recommandéiert.



Visitten oder Treffé vu privater Natur, déi doheem organiséiert gij fir e Maximum vu sechs Leit, zousätzlech zu de Leit, déi schonn am selwechte Stot wunnen, am strikte Respekt vun de sanitäre Mesuren (Distanz vun 2m tëschent de Persounen / eng Mask droen).




Sportaktivitéiten déi ënner fräiem Himmel, ouni Kierperkontakt, net-kompetitiv an ouni Publikum stattfannen. D'ëffentlech Piscinen bliewen zou.



Usammlungen ënner fräiem Himmel, op enger ëffentlecher Plaz fir e Maximum vun zwanzeg Leit an am strikte Respekt vun de sanitäre Mesuren (Distanz vun 2m tëschent de Persounen / eng Mask droen).



Re-Ouverture vun de Butteker (ausser Ausnamen).



Re-Ouverture vun de nationalen Archiven, vun den ëffentleche Bibliothéiken, Muséeën, Ausstellungszentren.

WAT SINN DÉI RICHTEG REFLEXER, DÉI ANZEHALE SINN?

De Succès vum Deconfinement berout op 3 Schlësselprinzippen: **Perséinlech Responsabilitéit, Solidaritéit mat aneren an Disziplin.**




Sidd responsabel!

Och wann de Confinement (#BleiftDoheem) keng legal Obligatioun méi ass, gëtt weiderhin recommandéiert, **tëschemënschlech Kontakter a Bewegungen op dat Néidegst ze limitéieren.** Dëst ass weiderhin déi bescht Manéier, sech selwer an seng Léifst ze schützen.



Sidd solidaresch!

D'Mask schützt Iech nëmme begrenzt virun enger Infektioun, mee **Är Mask schützt d'Mënsche ronderëm Iech.** Op des Aart a Weis drot dir derzou bäi, d'Verbreedung vum Virus an der Populatioun anzudämmen. Denkt och virun allem drun, déi vulnerabel Persounen ze schützen. **#NetOuniMengMask**



Sidd disziplinéiert!

Déi perséinlech Responsabilitéit an d'Solidaritéit mat äre Matbierger sinn zousätzlech Gestes barrières.

Vergiesst net déi traditionell Gestes barrières: D'Hänn wäschen, Ofstand vun 2m zu äre Matmënschen anhalen, asw.